



Dossier suivéiert vum

Schäfferot ☎ 359 711-207

✉ college.echevinal@sandweiler.lu

CSV Sandweiler

Madam Simone Massard-Stitz

Här Jean Lemmer

Sandweiler, den 19. August 2024

Betrëfft : Är Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 23. Juli 2024

Eis/Ref.. : CSV - 2024.7.23 - CE

Är /Ref. : Courier vum 19. Juli 2024

Madamm Massard-Stitz,
Här Lemmer,

Heimadde schécke mir lech d'Äntwerten op Är Froen déi Dir un de Schäfferot hat an der Gemengerotssëtzung vum 23. Juli 2024.

Fro 1:

"Souwuel duerch den Ajout vu Punkte vun der Oppositoun wéi och duerch zweifelhaft berechtigt Deklaratioun vun enger Urgence säitens dem Schäfferot kennt et reegelméisseg zu Modifikatiounen um Ordre du jour vun de Gemengerotssëtzungen.

- *Aus wéi engem Grond ginn dës modifizéiert Ordres du jour net um Internetsite publizéiert?*
- *Plangt de Schäfferot dës modifizéiert Ordres du jour zwecks Transparenz vis-à-vis vun den interesséierte Bierger ze publizéieren, zousätzlech zu dem initialen Ordre du jour?"*

Äntwert:

De Schäfferot biet lech d'Formulatioun vun Äre Froen an Zukunft méi objektiv a richtig ze formuléieren. Eiser Meenung no steet et lech net zou e Punkt deen net vun lech op den Ordre du jour gesat gëtt als *"... duerch zweifelhaft berechtigt Deklaratioun vun enger Urgence..."*.

Entgéint zu Ärer Formulatioun ass et net de Schäfferot deen iwwer d'Urgence mee de Gemengerot, nom Artikel 13 vum Gemeegesetz vum 13. Dezember 1988.

" ... Aucun objet étranger à l'ordre du jour ne peut être mis en discussion, sauf dans les cas d'urgence. L'urgence est déclarée par la majorité des membres présents. Leurs noms sont inscrits au procès-verbal ... "

De Schäfferot plant an Zukunft dee modifizéierten Ordre du jour ze publizéieren.

Fro 2:

"An de leschte Méint gouf, wuel am Opdrag vun der Sandweiler Gemeng, souwuel zesumme mam "Sandweiler Aktuell", wéi och getrennt dovun duerch de CIGR Publicitéit fir de Mutterter Haff verdeelt. Och huet d'Gemeng am Mäerz ënner der Rubrik "Postes Vacants" um Internetsite deenen hier Offer fir Studentenjobs publizéiert.

D'ASBL Mathëllef déi do hannendru steet ass ouni Zweifel eng Asbl mat engem wichtege Zweck fir ons Gesellschaft, genau wéi anerer an onser Ëmgéigend, huet awer net hire Setz an der Gemeng Sandweiler.

Et sief nach ugemierkt dass am Comité d'Administration zwar wuel ons Buergermeeschtesch Jacqueline Breuer vertrueden ass, dës awer net duerch en offiziellt Mandat vun der Gemeng, mee als Privatpersoun.

Wat ass de Lien tëscht dëser spezifescher Asbl an der Gemeng Sandweiler, déi des Ënnerstëtzung fir grad dës Asbl an net anerer rechtfertegt?

Eng (eventuell net méi vollstänneg) Lëscht vu weideren Associatioune fënnt sech op <https://mfsva.gouvernement.lu/fr/publications/annuaire-releve/PH.html>

Gedenkt de Schäfferot och dësen a weideren Associatiounen ausserhalb der Gemeng déi selwecht Ënnerstëtzung zoukommen ze loosse?"

Äntwert:

De Schäfferot verweist lech drop hin, dass dës Flyeren esou wéi och nach aner Flyeren och an de Gemenge Schëtter, Conter, Niederanven, Sandweiler verdeelt ginn (z.B. Bealtraine, Club des Jeunes Contern (Theater-an Äppelfest), Collect de vêtements, Kulturhaus Nidderanven, Päiperlek, Syrdall Heem, Télévie, Indesche Bazar, aner Evenementer vun Nopesch-Gemengen déi eisen Associatiounen keng Konkurrenz maachen). Iwweregens ginn och Studenten vu Mondorf, Contern, Niederdonven, Schëtter an och vu Sandweiler op de "Mutterter Haff" schaffen.

Fro 3:

"Am Zesummenhang zum Vote vun den "Subventions aux associations locales et non locales", Punkt 2 um Ordre du jour vun der Gemengerotssëtzung vum 26.09.2023 koum ze zu gréisseren Diskussiounen iwwer d'Applikatioun vun dem Subsidreglement duerch de Schäfferot. An deem Zesummenhang gouf ugekënnegt fir dës Joer, mam Zweck deenen Diskussiounen aus dem Wee ze goen, en neit Subsidreglement wëllen auszeschaffen.

Fir de Clibb eng Visibilitéit ze ginn, wéi eng Subsidien se gegebenenfalls kenne kréien, froe mir lech wéini dat neit Reglement soll fäerdeg sinn an am Gemengerot kenne gestëmmt ginn?"

Äntwert:

De Schäfferot deelt lech mat, dass Subsidien nach no dem aktuelle Subsidie-Reglement verdeelt ginn.

De Schäfferot huet sech schons Gedanke gemaach fir dat Reglement ze iwwerschaffen fir an Zukunft eventuell "gréisseren Diskussiounen iwwer d'Applikatioun vun dem Subsidreglement" ze verhënnere.

De Schäfferot deelt lech mat, dat hien lech dat neit Subsidie-Reglement virleet wann et sprochréif ass.

Fro 4:

"An der Woch vum 24. Juni huet de Schäfferot d'Kommissiounen no engem Avis gefrot betreffend dem Partenariat vun der Gemeng mat der Strategie "Commune sans Tabac", wéi e vun der CSV an der Sëtzung vum 23. Mee, also gudden e Mount virdrun op den Ordre du jour setze gelooss gouf.

Gett et mëttlerweil en Avis vun de Kommissiounen dozou, a wéi ass deen Avis ausgefall an deenen eenzelnen Kommissiounen?"

Äntwert:

De Schäfferot huet nach kee Retour kritt.

Fro 5:

“All Joers kritt Gemeng Offallstatistike matgedeelt. Seid 2020 hunn d'SIAS Gemenge Contern, Niederaanven, Schëtter a Sandweiler als Ziel eng Null Offall Strategie fir esou eis Ressourcen ze schounen an en nohaltegen Ëmgang domat ze fërderen.

- Kennt Dir eis soe wéi vill Restmüll am leschte Joer agesammelt ginn ass?
- Wéi vill mëscht dat pro Awunner?
- Wéi ass d'Differenz dovun zum Joer virdru pro Awunner?
- Wéi vill Tonnen si beim Biooffall gesammelt ginn ass?
- Wat ass do den Ënnerschied zum Joer virdru?
- Wéi vill Tonne Glas ass gesammelt ginn?
- Wéi ass do den Ënnerschied zum Joer virdru?
- Wéi vill Tonne Pabeier ass gesammelt ginn?
- Wéi ass do den Ënnerschied zum Joer virdru?”

Äntwert:

Hei d'Informatiounen déi vum SIAS geschéckt goufen:

- Volumen (Kg) vu **Restmüll** am Joer 2023: 313.180 Kg
- Restmüll pro Awunner (Kg/Ew): 83,49 Kg/Ew
- Differenz Restmüll pro Awunner (Kg/Ew) zum Joer 2022: -2,94 Kg/Ew
- Volumen (Kg) **Bioressourcësammlung**: 294.960 Kg
- Differenz Bioressourcen (Kg) zum Joer 2022: + 11.460 Kg
- Volumen (Kg) **Glassammlung**: 87.060 Kg
- Differenz Glas (Kg) zum Joer 2022: + 1.380 Kg
- Volumen (Kg) **Pabeiersammlung**: 83.280 Kg
- Differenz Pabeier (Kg) zum Joer 2022: + 4.800 Kg

Fro 6:

“Gemeng Sandweiler kritt eng nei Kläranlag, respektiv si gëtt ausgebaut mat de Gemenge Contern, Niederaanven, Schëtter an dem Ministère.

- Wéi weit sinn do d'Aarbechte fortgeschratt, respektiv d'Planung?
- Wéini si viraussichtlech Aarbechten ofgeschloss?”

Äntwert:

D'Aarbechte vun der „Kläranlag Iwwersiren“ gi jo an e puer Phasen duerchgefouert (well déi aktuell Kläranlag jo och a Betrib muss bleiwen)

- Phase 1: Schlammwee / Faulung
- Phase 2: Waasserwee / MBS Komplex – Terrassement
- Phase 3: Waasserwee / MBS Komplex – Génie civil / Ouvrages
- Phase 3: Waasserwee / MBS Komplex – elektromechanesch Ausrüstung
- Phase 4: Betribsgebai

Am Normalfall géifen d'Phasen och esou der Rei no ëmgëtt ginn. D'Phase 1 hat 2020 ass ugefaang ginn, wéinst engem Problem mat der deemoleger Baufirma gouf de Marché awer nei ausgeschriwwen a konnt eréischt am Fréijoer 2024 ufänken. D'Phase 2 huet am Fréijoer 2023 ugefaangen an ass esou gutt wéi ofgeschloss (dat mëttlerweile risegt Lach um Chantier). D'GC Aarbechte vun der Phase 3 ginn elo nom Kollektivcongé lass.

D'Betribsgebai an déi elektromechanesch Ausrüstung vum MBS Komplex sollen am Fréijoer 2025 ufänken, d'ELMEC Aarbechte fir d'Faulung am Summer 2025.

Allgemeng ginn d'Aarbechten zur Zäit plangemäss gutt virun an theoretesch soll d'Kläranlag 2027 kënnen a Betrib goen.

Fro 7:

"D'biologesch Statioun vum SIAS huet un engem Projet deelgeholl fir 500 Beem ze planzen.

- Huet d'Gemeng Sandweiler sech un dësem Projet bedeelegt?*
- Wa jo, wéi vill Beem sinn an eiser Gemeng geplanz ginn a wou?"*

Äntwert:

Prinzipiell ginn all Projekte vun der biologescher Statioun SIAS an alle Gemengen vum Syndikat SIAS ëmgesat, also och an der Gemeng Sandweiler, dëst gëllt och fir all "Fonds-Projet" déi am Reegelfall zu 100% vum "Fonds pour la Protection de l'Environnement" finanziert ginn.

Leider kënne mir net feststelle vu wéi engem Projet dir schwätzt.

Mir kënnen awer matdeelen, dass am Kader vun eisem Fonds-Projet fir d'Bongerten 17 Beem an der Gemeng Sandweiler geplanzt gi sinn, dëst um Birelerhaff, hannert dem Atelier vun der Gemeng an op enger Parzell vun der Gemeng hanner den Haiser an der Éiterstrooss.

Fro 8:

"A leschter Zait gëtt ëmmer méi eng grouss Sensibilisatioun gemaach fir Réikitzen ze schützen beim méie bei de Wiesen. Verschidde Gemenge wëllen eng Dron kafen, a Leit ausbilde fir Réikitzen ze fannen an esou virum Doud ze schützen.

- Ass am SIAS geschwat gi fir esou eng Dron unzeschaffen a Leit auszubilden?*

Wann dat net de Fall ass, géife mir dat eng gutt Initiativ fir d'biologesch Statioun fannen, wou ëmmerhin 21 Gemenge vertruede sinn, a géife d'Mme Buergermeeschtesch froen, des Uleies mat an de Bureau vum SIAS ze huelen an eis e Feedback ze ginn."

Äntwert:

Am SIAS gëtt driwwer nageduecht fir eng Dron ze kafen, dëst fir se a spezifesch Schutzprogrammer vun der Biologescher Statioun SIAS anzesetzen. D'Biologesch Statioun SIAS huet d'Aufgab bedrote Planzen- an Déierenaarten, souwéi bedrote Liewensraim ze schützen an ze fërderen. D'Aufgaben sinn a verschiddene Konventiounen mam Ëmweltministère gereegelt. Zu dësen Déierenaarten ziele verschidde Vullenaarten (z.B. d'Feldhong oder de Steekauz), Mamendéieren (z.B. d'Fliebermais), verschidden Amphibien (z.B. d'Gelbbauchunke), oder och verschidden Insekten (z.B. de Feuerfalter).

D'Réi an och de Réikitz zielen hei zu Lëtzebuerg net als vum Austiewe bedrohten Déierenaarten. Dofir huet Biologesch Statioun SIAS och kee spezifesch Schutzprogramm fir dës Aart, a setzt deemno och keng Mesure fir d'Réi ëm. De Mataarbechter aus der Biologescher Statioun SIAS sinn awer eng Rei Fäll bekannt wou d'Jeeër selwer eng Dron organiséieren an esou Réikitz ze schützen.

Fro 9:

"De Budget 2023 ass ofgeschloss an d'Recetten an Ausgabe par Rapport vum Budget rectifié missten elo feststoen.

Duerfir stelle mir folgend Froen:

- Mat wéi vill Boni gëtt Joer 2023 ofgeschloss?*
- Wéi vill ordinär Recette sinn erakomm?*
- Wéi vill ordinär Depense sinn ausginn?*
- Wéi vill extraordinär Recette sinn erakomm a wéi vill extraordinär Depense huet Gemeng ausginn?"*

Äntwert:

De Schäfferot informéiertlech dass :

- D'Joer 2023 Joer mat engem Boni vu 25. 950. 904,53 Euro ofgeschloss gouf;
- 19.927.419,50 Euro ordinär Recette erakomm sinn;
- 11.821.281, 54 Euro ordinär Depense ausgaange sinn;

- 25.500,00 Euro extraordinär Recette erokomm sinn an 6.808.108,86 Euro extraordinär Depense gemaach gi sinn.

Fro 10:

“Virun e puer Wochen huet de Schafferot d’Fro gestallt kritt, wéi vill dat d’Show vum Goldrake, déi de 4. Mee 2024 statt fonnt huet, kascht huet. De Schafferot huet geäntwert, dat nach keen Decompte gemaacht ginn ass.

Dës Rechnunge ginn awer iwwert de Budgetsposte “Frais de réception”, deen am ordinäre Budget steet, bezuelt. Fir dee Budgetsposte gi keng offiziell Decompté gemaacht a brauchen och net vum Gemengerot votéiert ze ginn.

Duerfir stelle mir lech folgend Froe stelle:

- Wat huet dem Goldrake sain Optrëtt kascht?
- Wéi vill huet déi ganz technesch Installatioun kascht?
- Wat hunn all Publikatiounen an de Medie kascht?
- Sinn nach zousätzlech Onkäschtchen derbäi komm?
- Wéi vill Recetten huet Gemeng erageholl?”

Äntwert:

De Schafferot informéiert lech dass :

- dem Goldrake säin Optrëtt huet 3.500 Euro kascht;
- déi ganz technesch Installatioun an d’Publikatiounen an de Medie hu 7.855,12 Euro d’Gemeng kascht.
- keng zousätzlech Onkäschtchen sinn derbäi komm.
- d’Gemeng huet 4.051,85 Euro fir d’Vente vun den Ticketen erageholl. D’Guiden an d’Scouten hunn de Catering gemaach.

Fro 11:

“E fréiere Gemengerot huet eestëmmeg d’Kontrakter (bail emphytéotique) vun der Zone industrielle Rolach am Januar 2016 gekënnegt op déi jeeweileg échéance. Am Mäerz 2016 ass en neie contrat-type am Gemengerot gestëmmt ginn.

Verschidde Kontrakter sinn ausgelaf oder lafen an deenen nächste Méint aus. Dovunner betraff ass d’Firma Mathis Prost, deen dëst Joer ausgelaf ass. De Patron war bei dem fréiere Schafferot fir en neie Bail ze kréien, dorops hi sollte si en Dossier erareeche, sou wéi déi nei Kontrakter et virgesinn, fir dat en am Gemengerot kéint gestëmmt ginn.

- Huet de d’Firma Mathis Prost Kontakt mam neie Schafferot opgeholl?
- Hu si en neien Dossier eraginn?
- Wa jo, wéini ken nt en an de Gemengerot?
- Wann net? Weess de Schafferot Ursaach? Wat geschitt mam Site? Wat geschitt mam Gebai?
- Den Delai ass ofgelaf, wat kritt Firma als Bail verrechent?

Aner Firmae kommen a kuerzer Zäit no. De fréiere Schafferot hat Reuniounen mat de Firma CERACO, zesumme mat Experten, Affekoten an Architekten. CERACO huet de Wonsch geäussert hir Aktivitéiten an der Zone Industrielle Rolach opzehalen a si sinn un d’Gemeng erugetrueden, op dës net intresséiert war hir Gebaier ofzekafen.

- Sinn des Gespréicher vum neie Schafferot weidergefouert ginn?
- Wéi ass Positioun vum Schafferot?
- Ass schonn en Accord fonnt ginn, wëssend datt CERACO zwee Bail'en huet. D’Echeance vum éischte Bail ass 2026.

Eng aner Firma, déi och scho mam leschte Schafferot Kontakt hat, war Tracol, do leeft de Kontrakt nächst Joer aus. Sie wollten en neit Gebai opriichten, virun der Konstruktioun brauchen si eng Sécherheet an en neie Bail.

- Huet de Schafferot Entrevuë mat dëser Firma ?



- *Sinn do Preparatiounen am gaang fir en neie Kontrakt?*
- *Wa jo? Wéini kennt en an de Gemengerot?*
- *Ween net, firwat?"*

Äntwert:

Leider ass no der Kënnegung vun 2016 net vill säitens vum "fréiere Schäfferot" an der "Zone industrielle Rolach" passéiert!

Den Zoustand an der "Zone industrielle Rolach a Schaedhaff" ass desaströs an den aktuelle Schäfferot huet sech virgeholl dëst zum Gudden ze verbesseren.

Den aktuelle Schäfferot verweist dropshin, dass do Pourparleren laafen an dass déi nach net ofgeschloss sinn. Aus dësem Grond, kann de Schäfferot de Moment nach keng weider Detailer ginn.

Soubal eng Entscheedung sprochräif ass, huele mir de Punkt op den "Ordre du jour" vum Gemengerot.

Fro 12:

"Wéi vill Leit waren an der leschter Biergerstonn a wat war hiert Uleies?"

Äntwert:

Eng Persoun huet sech presentéiert an do si perséinlech Saache behandelt ginn !

Eng aner Persoun mat Rendez-vous ass net komm !

Fro 13:

"Zënter dem Mount Mäerz schafft en externen Expert, den Här Jean-Claude Hosch fir d'Gemeng.

Ënnert anerem huet en d'Konte vun der ASBL Piwitsch, Bedreiwer vun der Crèche an der Maison Relais vum Joer 2023 kontrolléiert.

- *Wat fir eng Missioun huet hien?*
- *Wéi gëtt hie bezuelt? Gëtt hien op Stonn bezuelt oder huet hien e fixe Montant?*
- *Wann en op Stonn bezuelt gëtt, wat ass de Stonneloun?*
- *Wat ass de Montant deen den Här Hosch bis haut bezuelt kritt huet?*
- *Op wéi vill Méint leeft säi Kontrakt?*
- *Ass eng Ausschreiwung gemaacht ginn?*
- *Sinn aner Devis'e gefrot ginn?*
- *Wéi ass Decisioun gefall fir dem Här Hosch e Kontrakt ze ginn? Huet hien Erfahrung am kommunale Beräich?*

Den Här Hosch huet op der Kiermes an op Nationalfeierdag Fotoe fir d'Gemeng gemaach. Hie gouf och schonn méifach beim Betriede vum Gemeindegebaai ausserhalb de Bureausstonne gesinn.

- *Schafft den Här Hosch och Samschdes a Sonndes an ausserhalb vun den normale Bureausstonden?*
- *Ginn des Stonnen extra bezuelt?*
- *Huet en Här Hosch, dee kee Fonctionnaire oder Employé vun der Gemeng ass, e Schlëssel fir an d'Gemeng eran ze kommen ausserhalb vun de Bureausstonden?*
- *War Madamm Buergermeeschtesch mam Här Hosch am Gebai vum CIGR fir do Informatiounen vun där ASBL ze kréien?*
- *Wa jo, firwat?*
- *Gett den Här Hosch och vun der Gemeng beoptraagt fir déi ASBL ze kontrolléieren?*
- *Vun wat vir engem Budgetposte gëtt den Här Hosch bezuelt?*

Mir bidden lech ons en Extrait vun dësem Budgetposte virzeleeë mat allen Ausgaben déi bis zu dësem Datum dovun ofgaange sinn?"

Äntwert:

De Schäfferot verweist op d'RGPD (règlement général sur la protection des données) an hie wäert lech déi néideg Informatiounen, le Moment venu, ginn.

Fro 14:

- *"Wéi vill Leit hunn am Joer 2023 eng allocation de vie chère ugefrot?"*
- *"Wat ass de gesamte Montant, deen ausbezueelt ginn ass?"*

Äntwert:

De Schäfferot informéiert lech dass :

- 82 Persounen am Joer 2023 eng Allocation de vie chère ugefrot hunn;
- dass 179.765,74 Euro de gesamte Montant ass, deen ausbezueelt ginn ass.

Fro 15:

"Viru Wochen huet d'Gemeng e Poste fir e "Portier" ausgeschriwwen.

- *Ween huet de Schäfferot heivir agestallt?*
- *Wat huet déi Persoun vu Formatioun?*
- *Wéi eng Aufgaben huet/kritt déi Persoun?*
- *Huet déi Persoun schonn ugefaang, resp. wéini soll déi Persoun ufänken?"*

Äntwert:

De Schäfferot deelt lech mat, dass eng Persoun agestallt ginn ass.

De Schäfferot verweist op d'RGPD (règlement général sur la protection des données) an hie wäert lech déi néideg Informatiounen, le Moment venu, ginn.

Fro 16:

"An der Sëtzung vum 7. Mäerz 2024 huet de Gemengerot e "Poste d'insertion pour chômeur de longue durée à tâche complète dans la carrière C" gestëmmt.

Ass op de Posten an der Zwëschenzait eng Persoun agestallt ginn?


- *Ween huet de Schäfferot heivir agestallt?*
- *Wat vir eng Ausbildung huet déi Persoun?"*

Äntwert:

De Schäfferot deelt lech mat, dass eng Persoun agestallt ginn ass.

De Schäfferot verweist op d'RGPD (règlement général sur la protection des données) an hie wäert lech déi néideg Informatiounen, le Moment venu, ginn.

De Schäfferot,



Claude Mousel
Schäffen



Jacqueline Breuer
Buergermeeschtesch



Corine Courtois,
Schäffin